



Dossier de presse

Embargo : mardi 29.04.2014 à 17 heures

**Séance académique
«175^e anniversaire de l'indépendance du Grand-Duché de Luxembourg»**

29 avril 2014

Discours

du professeur d'histoire transnationale luxembourgeoise

à l'Université de Luxembourg, Michel Pauly

(langue : luxembourgeois)

Altesses Royales,
Excellenzen,
Dir Dammen an Dir Hären,

Ech wéilt dermatt ufänken, der Regierung merci ze soen, fir di vertrauensvoll awer redoutabel Aufgab di se mer fir haut uvertraut huet. Et ass eng grouss Erausfuederung well ech éischtens weder déi rhetoresch Eloquenz nach dat Wëssen hunn, déi mäi Léiermeeschter Gilbert Trausch viru 25 Joer bei der selwechter Geleënheet bewisen huet. An zweetens gëtt vu mer verlaangt déi zwou Saache mateneen ze verknäppen, déi d'Regierung an hirem Programm vum 3. Dezember 2013 mat Recht wëllt ausernee halen: wëssenschaftlech Geschichtsfuerschung an Erënnerung. Vu dass Der awer en Unisprof gefrot hutt, fir hei ze schwetzen, wëll ech direkt kloer stellen, dass ech mech op der Säit vun der Wëssenschaft situéieren a nieft engem Réckbléck op d'Vergaangenheet och d'Konstruktioun vum historieschen Discours wëll analyséieren, sou wi meng Kollege Sonja Kmec, Benoît Majerus, Michel Margue et Pit Péporté mech dat geléiert hunn. All historieschen Discours konstruieert nämlech eréischt d'Geschicht a mir liesen d'Vergaangenheet ëmmer, ob mer wëllen oder net, mam Brëll vun haut.

Dat gesot, si meng Ausféierungen zum Londoner Vertrag vum 19. Abrëll 1839 ganz kuerz, well `t steet net vill dran an d'Press huet jo an de leschten Deeg erfreeslecherweis di nei Konzeptionne vun der aktueller historiescher Recherche ganz kompetent erëmginn. De Vertrag definieert di nei Grenzen tëscht dem belsche Kinnekräich, dat 1830 gegrënnt gouf, an dem Groussherzogtum Lëtzebuerg, deem säi Staatschef Kinnek Wëllem I. vun Holland bleift. An déi Grenze ginn ënnert d'Garantie gestallt vu fënnëf Groussmächte vun där Zäit: dem Keeser vun Éisträich, dem Kinnek vu Frankräich, der Kinnigin vu Groussbritannien, dem Kinnek vu Preisen an dem Zar vu Russland. Déi do festgeluegte Grenz ass bis haut d'Grenz tëscht Lëtzebuerg an der Belsch.

Firwat gouf dann déi nei Grenz gezunn? Säit 1830 gehéiert Lëtzebuerg de facto zum neie belsche Kinnekräich. D'Awunner vum Groussherzogtum hate bei der belscher Revolutioun

matgemaach, och wann s'aner Grënn haten wéi di westlech Noperen. Di héich Steieren an d'hollännesch Sprooch vun der Verwaltung a vun de Geriichter hunn si säit en etlech Jore staark genervt. Just d'Hauptstad, wou eng preisesch Garnisoun fir Uerdnung gesuert huet a wou eng Bourgeoisie gelieft huet, déi zum groussen Deel am Déngscht vun der hollännescher Regierung hiert Brout verdéngt huet, an eng Majoritéit vum Klerus sinn dem hollännesche Kinnek-Groussherzog trei bliwwen. Vun Autonomie oder Onofhängegkeet hu weder déi Lëtzebuurger gedreemt, déi elo zur Belsch gehéiert hunn, nach déi, di an der Stad bliwwe sinn. 1839 huet Wëllem I. dunn de Kompromiss akzeptéiert, dee schon 1831 proposéiert gi war, nämlech de lëtzebuergeschen Territoire an zwee ze splécken: De westlechen Deel sollt weider zum neie Kinnekräich Belgien gehéieren a deen östleche blouf weider dem Kinnek-Groussherzog säin. D'Groussherzogtum gouf also e Stéck méi kleng.

Ech hat scho 1989 an engem Artikel an der Zäitschrëft *forum* Zweiwelen driwwer ugemellt, ob et richteg ass, dee Vertrag vun 1839 grouss ze feieren. Viru 25 Joer gouf de Vertrag vun 1839 gefeiert, well e 1939 gefeiert gouf, an dat hat ganz eendeiteg zäithistoresch Uersaachen: d'Regierung wollt der ganzer Welt a besonnesch dem däitsche Noper weisen, dass Lëtzebuerg en onofhängeg a neutralt Land war.

A mengen Aen wär et historesch éischer justifizéiert, d'näxt Joer dem Wiener Kongress säin 200. Anniversaire ze feieren: An der Schlussakt vun 1815 heescht et nämlech: « Le Grand-Duché de Luxembourg ... formera un des États de la Confédération germanique ... », an de Kongress huet dem Wëllem vun Oranien-Nassau dat Groussherzogtum « en toute propriété et souveraineté » zougesprach, als Kompensatioun fir Territoiren, déi en an Hessen u Preise verluer hat. Domat gouf Lëtzebuerg dem Völkerrecht no souzesoen ex nihilo geschaf, well 1795 war dat aalt Herzogtum Lëtzebuerg an d'franséisch Republik intégréiert ginn, an de Vertrag vu Campo Formio vu 1797 hat déi Annexioun och international unerkannt. 1815 hunn d'Habsburger zu Wien d'Restauration vum alen Duché net gefrot an och d'Lëtzebuurger hu sech net zu Wuert gemellt, well et gouf keng Lëtzebuurger. E Lëtzebuurger Staat besteet also säit 1815 a net eréischt säit 1839. Op d'mannst gouf et säithir e kloer delimitéierten Staatsterritoire: di éischt Konditioun am Staatsrecht fir dass ee ka vun engem Staat schwetzen. Ouni Wiener Kongress hätt et kee Londoner Vertrag ginn.

De Vertragstext begrënnt och di zweet Konditioun fir vun engem Staat ze schwetzen: e schwetzt nämlech dem Kinnek-Groussherzog di voll Souveränitéit zou, also d'Recht, fir fir dat Staatsgebitt eege Gesetzer ze man a Reglementer z'erloossen. Dir wësst, dass de Wëllem I. doraus d'Recht ofgeleet huet, fir d'Groussherzogtum wéi eng 18. Provinz vu sengem Kinnekräich ze behandelen. An di hollännesch Verfassung huet e schreiwe gelooss: « Le Grand-Duché de Luxembourg ... étant placé sous la même souveraineté que le royaume des Pays-Bas, sera régi par la même loi fondamentale, sauf ses relations avec la Confédération germanique ». Och wann ech net wéilt vun Absolutismus schwetzen, sou wor dach di konstitutionell Monarchie an Holland eng ganz autoritär an de Wëllem konnt op d'Ënnerstëtzung vu senge Kollegen am Däitsche Bond zielen fir säi Wëllen duerchzesetzen.

Eréischt no der belsch-lëtzebuergescher Revolutioun vum September 1830 huet Wëllem I. sech derzou hirginn, fir Lëtzebuerg als eegestännege Staat ze gesinn. Säi Gouverneur Jean-Georges

Willmar erënnert an enger Proclamatioun vum 6. Oktober e bëssche spéit drun, dass de Wiener Kongress „dem nämlichen Fürsten zwo von einander unabhängige Souveränitäten erteilt“ huet. Dofir huet de Kinnek den 31. Dezember 1830 en Arrêté publizéiert, am deem et heescht : « Notre Grand-Duché de Luxembourg sera gouverné par Nous, distingué et séparé du royaume des Pays-Bas. » Deen Arrêté konnt allerdéngs just an der Stad Lëtzebuerg applizéiert ginn, well de Rescht vum Land wor en Deel vun der Belsch. Juristesch gesinn muss een awer soen, dass d'Regierungsautonomie vun 1831 a net eréischt vun 1839 datéiert.

Dem Wëllem I. seng Décisioun gouf awer eréischt nom Londoner Vertrag exekutéiert. Hien huet dunn den Hans Daniel Hassenpflug mat der Regierung am Groussherzogtum chargéiert: dee sollt onbedéngt di däitsch Sprooch a Gebräicher am Land favoriséieren, fir dass de Kontakt mat de belsche Koséngeschwënn ophällt. Am Fong krut eréischt 1840, wéi de Wëllem II. sengem Papp um Troun nogefollegt ass, Lëtzebuerg eng eege Regierung. 1841 gouf hien dem Land eng eege ‚charte constitutionnelle‘. De Kinnek-Groussherzog sollt zwar weiderhin eleng d'Souveränitéit ausüben an d'Vollék krut nach keng Grondrechter zougesprach. Mä et gouf en eegene Regirungsrot agefouert a si wor d'Grundlag fir eng eege Verwaltung opzebauen. An d'Membere vun der Ständeversammlung grad wéi d'Beamte sollten « Luxembourgeois de naissance ou naturalisés » sinn.

Vun 1840 un fënnt een dann och Symboler vun der nationaler Onofhängegkeet : e Stempel mam Lëtzebuerger Wopen, e rout-wäiss-bloe Fändel, deen eng éischte Kéier den 20. Juni 1841 bei Wëllem II. sengem Besuch zu Lëtzebuerg opgezu ginn ass, e Lëtzebuerger Frang, dee vun 1854 u geschloe ginn ass, asw. Vun do u sinn di eenzel Verwaltungen no a no ageriicht ginn, vun der Steierverwaltung iwwert d'Ponts & Chaussées bis bei d'Armée an d'Post. Vun do u konnten d'Steierrecetten integral a lëtzebuergesch Projeten investéiert ginn. 1843 goufen e Schoulgesez an e Gemengegesez votéiert, op déi ech nach zrëckkommen. Wee Verwaltung seet, seet awer och Beamten an esou vill Familljen déi deem neie Staat alles verdanken an déi eng éischt Roll spille bei der Organisatioun vu nationale Feierlechkeeten oder beim Opriichte vu nationale Monumenter. Ech bewonnere nach ëmmer de legislativen Effort vun der deemoleger Generatioun: Regierung an Députéierter hu bal bei dësem, bal bei deem Noper geknäipt, mä hunn ëmmer Gesetzer geschriwwen, déi eng originell Synthese duerstellen, déi un di lëtzebuergesch Situatioun ugepasst war. Nëmme eng transnational Approche kënn engem Historiker erlaben, déi legislativ Kreativitéit richteg ze bewerten.

1839 hunn d'Lëtzebuerger nach laang net all di Londoner Décisioun begréisst. An der belscher Chamber hunn déi Deputéiert, déi do Lëtzebuerg vertrueden hunn, géint d'Ratificatioun gestëmmt; si hunn also fir e grousst Belgien vun der Musel bis op Knokke votéiert. Vu Lëtzebuerg hu just de Jean-Baptiste Nothomb an de Jean-Pierre Willmar, déi Minister an der belscher Regierung waren, fir de Londoner Vertrag gestëmmt, deen awer majoritär ugeholl gouf. Eng Kommissioun huet doropshin bis Mee 1843 de geneeë Verlaf vun der Grenz um Terrain fixéiert. Mäi Student Claude Back huet am Internet-Atlas vun der Groussregioun d'Ännerunge vun der Lëtzebuerger Grenz säit 1815 op de Metercarré genee festgehalen. Di lescht datéiert vun 2006 a betrëfft e puer Hektar zu Belval.

Ech brauch net ze soen, dass deen onofhängegen Territoire vun 1839 nach méi wéi eng Kéier dono menacéiert war.

Wahrscheinlech ass et just der ekonomescher *success story* ze verdanken, dass dat 1815 kënnschtlech geschafent Land bis haut existéiert. Vun Ufank un hunn di eenzel Regirungen et fäerdeg bruecht, auslännesch Investisseuren op Lëtzebuerg ze zéien a Souveränitéitsnischen z'exploitéieren. Ween eng Minekonzessioun wollt hunn, huet z.B. missen een Drëttel vum Äerz op der Plaz zu Eise verschaffen, spéider huet e missen Thomasmiel fir e bëllege Präis un d'Bauere verkafen, déi domat den Éislécker Schiferbuedem gedüngt hunn. Dir kennt di Souveränitéitsnischen di dono komm sinn an déi mer haut aus Solidaritéit mat Europa sollen opginn. Den André Bauler huet Recht, fir deen ekonomesche Succès als « fruits de la souveraineté » ze bezechnen. Doduerch huet Lëtzebuerg haut deen héchste PIB pro Awunner vun der Welt, mä och dee katastrophalste ekologesche Foussofdruck op der Äerd. Vun ekonomescher Onofhängegkeet kann allerdéngs keng rieds sinn: *Zollverein*, Union économique belgo-luxembourgeoise, Benelux, CECA, Marché commun, europäesch Unioun ... hunn ons hir Reglementer imposéiert.

Wat elo dat drëtt Element ubelaangt, mat deem e Staat definéiert gëtt, d'Existenz vun enger Natioun, sou huet de Gilbert Trausch ëmmer drop insistéiert, dass si eréischt nom Staat entstan ass. Dat ass bal an alle Länner de Fall. Juristesch gesinn datéiert deen éischten Arrêté, dee vu Lëtzebuurger schwetzt, vum 18. November 1839. 1858 huet d'Chamber décidéiert, dass et säit 1815 eng lëtzebuergesch Nationalitéit gëtt. Si huet also d'Lëtzebuurger souzesoe retroaktiv crééiert. D'Formatioun vun enger Natioun wor awer wichtig, well si spéider dax als eenzegt Argument akzeptéiert gouf, fir en eegene Staat ze legitiméieren.

De Gilbert Trausch huet am Fait, dass an de Grenze vun 1839 praktesch nëmme nach Leit gewunnt hunn, déi lëtzebuergesch geschwaacht hunn, ee vun de wichtigste Facteure gesinn, dass déi Leit zu enger nationaler Communautéit zesummegewuess sinn. Duerch déi sproochlech Eenheet hätten d'Lëtzebuurger ugefaang sech anescht ze gesinn wéi di belsch Koséngen oder di däitsch Noperen. En iwwersäit menger Meenung no, dass et eng Kontinuitéit gëtt vun der Lëtzeburger Sprooch mat där am Areler Land, a Nordloutréngen an an der Eifel. De Benoît Majerus betount, dass d'Entstoe vun engem eegene Staat och d'Viraussetzung war fir d'Entstoe vun enger eegener Sprooch. An e weist op eng Gefor hin: Wann d'Lëtzebuurger Däitsch – sou gouf ons Sprooch deemools genannt – dat Land charakteriséiert, da konnt et vill méi liicht vun enger däitscher Natioun absorbéiert ginn, déi sech grad no linguisteschen an ethnesche Kritären zesumme fonnt huet. Well di preisesch Garnisoun an den Zollverein hunn an di selwecht Richtung gezunn.

Duerfir schénge mer dem Fernand Fehlen seng Iwwerlëungen wichtig : Well d'Schoulgesetz vun 1843 an dono d'Verfassung vun 1848 Héidäitsch a Franséisch zu obligatoresche Fächer gemaach hunn, goufen d'Lëtzebuurger alleguer zwee- wa net dräisproocheg, och wann d'Eliten eleng fléissend franséisch geschwaacht hunn. Dee Multilinguismus kennzeechent di Lëtzebuurger Natioun vläicht méi wéi d'Lëtzebuurger Sprooch eleng, déi nach ëmmer, wéi de Peter Gilles dat nennt, eng „Ausbausprache“ ass, déi also an ëmmer neie Kontexter gebraucht gëtt. An ech hoffen, haut an hei de Beweis ze bréngen, dass di Sprooch sech och eegent, fir

wëssenschaftlech Iwwerléungen auszadrécken. Vläch hu net zulescht d'Annexionsgelüster vun déisäit der Musel entscheidend derzou bäigedroen, dass d'Lëtzebuergesch sech no a no vum Däitschen ënnerscheid huet, op d'mannst bis d'Lëtzebuergesch sech neess mat Däitschland verséint haten an éischer di däitsch wi di franséisch Tële kucken.

Ech mengen, et sinn awer nach aner Facteuren wéi d'Sprouch ze berücksichtegen, déi derzou bäigedroen hunn, dass eng gemeinsam, national Identitéit entstan ass. D'Schoulgesetz huet eng eenzeg Grondschoul fir all Kanner agefouert: doduerch ass vun ënnen erop en Zougehéiregkeetsgefäll zum selwechte Land entstan, wéi de Peter Voss schreift. An där Schoul konnt d'kathoulesch Kierch sech mat kinneklecher Ënnerstëtzung e staarken Afloss sècheren an huet dofir drop verzicht, wéi an der Belsch e parallelt Netz vu kathoulesche Schoulen ze schafen. All Kanner sinn also duerch di selwecht Schoul gaang. An de Klerus huet sengersäit dee neie Staat akzeptéiert, trotz de Konflikter mat der liberaler Bourgeoisie an der Freimaurerei vu ville Politiker. D'Schoulgesetz vun 1843 ass awer och e Beispill vun deem, wat de Norbert Franz « Durchstaatlichung und Ausweitung der Kommunalaufgaben » nennt: national Décisioune gi bis an dat lescht Duerf gedroen an do ëmgesat.

Am selwechte Kontext ass och d'Eisebunn ze gesinn, déi vun 1856 u gebaut gëtt. Den Yvan Staus gesäit doran een Zeeche vu nationaler Souveränitéit an de Charel Barthel hat scho 1989 gewisen, wéi domat d'Dierfer aus dem Éisléck méi no bei d'Stad réckelen. Duerch d'Eisebunn ginn d'Distanze méi kuerz, et gëtt méi liicht, an di grouss Schoul ze goen, et gëtt méi Leit bewosst, dass se zu engem an deem selwechte Staat gehéieren, deen hinnen d'Liewe méi liicht mecht.

Och d'Publikatioun vun Zeitungen, déi zu Lëtzebuerg gedréckt ginn, dréit derzou bäi, dass eng Communautéit entsteet, déi um selwechten Informatiounsstand ass a wéinstens zum Deel dat selwecht Schicksal deelt.

D'kathoulesch Kierch adoptéiert hirersäits di national Grenzen: 1840 mecht de Poopst aus dem Groussherzogtum en eegent apostolescht Vikariat, dat him direkt ënnersteet. A schliisslech krut d'Land och 1890 wéinst engem biologeschen Zoufall a well de Nassauer Familjepakt dat esou virgesinn huet eng eegen Dynastie.

An engem Mastermémoire, deen e viru kuerzem zu Berlin verdeedegt huet, insistéiert de Pol Schock, dass d'Konstruktioun vun enger nationaler Identitéit net nëmmen d'Resultat ass vun enger Regierungspolitik, déi Initiative geholl huet fir de Bierger esou eng Identitéit anzeimpfen. De Pol Schock relevéiert donieft di entscheidend Roll vun de kulturelle Veräiner, an deenen di kleng Bourgeoisie aktiv war, an déi vill populär patriotesch Fester organiséiert hunn. Et wor beim éischte Kongress vun alle Museksveräiner, der spéiderer UGDA, wou viru genee 150 Joer d'*Hémecht* vum Michel Lentz an Antoine Zinnen eng éischte Kéier opgefouert gouf.

An d'Eisebunn huet och an deem Kontext eng Roll gespilt, well fir d'Inauguratioun 1859 hat de Michel Lentz de *Feierwon* komponéiert, dee jo ganz kloer dee nationalen Houfert vis-à-vis vun de fransésche, belschen a preisesche Noperen ausdréckt, mat engem Refrain deem säi Sënn ee net ka mëssverstoen: « Mir wëlle bleiwe wat mer sin. »

Kann een doraus schléissen, dass 20 Joer nom Londoner Vertrag d'Lëtzebuenger sech als Natioun, als « imagined community » wéi de Benedict Anderson seet, gesinn hunn?

Esou eng Fro ass net neutral. Domat ginn all sozial Ënnerscheeder an der Gesellschaft verwëscht. Dat Konzept mecht wéi wann all Awunner, ob Doléiner oder Banquier, Staatsbeamten oder Employé mat CDD, dat selwecht Schicksal géifen deelen, di selwecht Interessen hätten, di selwecht Gefiller zum Land wou se wunne géifen entwéckelen. Leider hunn ech haut d'Zäit net drop anzegoen, watfereng sozial Schicht fir watfereng Schrëtter a Richtung méi grouss Onofhängegkeet oder méi staark national Identitéit responsabel wor.

Fir de Gilbert Trausch huet de 'nation building' vun de Lëtzebuenger säin Ofschloss fonnt mat dem bluddegen Affer, dat se am Zweete Weltkrich bezuelt hunn. Net nëmme muss ee soen, dass eng Identitéit sech permanent weiderentwéckelt, mä jonk Fuerscher wéi de Vincent Artuso soen ons haut, dass d'Natioun deemools net wéi ee Mann Resistenz gemaach huet, an dat bis an déi héchste Verwaltungskreesser eran. Dat ännert näischt drun, dass déi deemoleg Generatioun de Mythos vun enger kompakter Resistenz an di national Geschichtserzielung agebaut huet, sief et fir déi Helden ze feieren, déi leider tatsächlech hiert Engagement fir ons Onofhängegkeet mam Dout bezuelt hunn, sief et fir manner heroesch Attitüde vu gewësse Matbierger vergiessen ze don.

Den Daniel Spizzo huet gemengt, dee nationalen Discours wär an de 1920-30er Joren entstan, haaptsächlech an der Rechtspartei an am *Luxemburger Wort*. De belschen Historiker Jean Stengers seet, di nei Natioun wär 1919 gebuer ginn, wi d'Lëtzebuenger refuséiert hunn, neess Belsch ze ginn. Am Buch *Inventing Luxembourg*, dat am Kader vun engem Fuerschungsprojet op der Uni entstan ass, hunn d'Auteuren dräi Perioden uitgemaach, wou de politeschen, historieschen a linguisteschen Discours sech nationaliséiert: d'Enn vum 19. Jorhonnert, d'30er a 40er Joren an d'1980er Joren: dräi Momenter vun internationale Spannungen, mä och vu nationalistesche Reaktiounen. D'Auteure weisen wéi vum 1839 un d'Lëtzebuenger Historiker eng Geschicht erzielt hunn, déi de Staat vum 19. Jorhonnert mat de prestigiéise Grofen an Herzoge vu Lëtzebuerg am Mëttelalter verbënnt. Z'ernimme wär och de Karl Arendt, Staatsarchitekt an Hobbyhistoriker, dee net nëmme historiesch Ruine restauréiert huet, mä carrément erfionnt huet, wéi den Huelen Zannt, fir d'Mëttelalter méi präsent ze man. Deen Discours vergësst, dass dat neit Lëtzebuerg eréischt ganz rezent créiert gouf. Si woren iwwerzeugt, dass di lëtzebuergesch Natioun scho virun existéiert an d'Créatioun vun engem Staat légitiméiert huet. An déi Natioun hätt, sou den Arthur Herchen, de « souvenir de leur indépendance ou la conscience de leur individualité nationale » behalen iwwert déi véier Jorhonnerten eweg, déi hien als Friemherrschaft bezechent. Als Medievalist muss ech dem Herchen widersprieche. Vun engem Lëtzebuenger Vollék oder Natioun ass an de Quelle keng rieds weder viru 1443, nach viru 1789. Et gëtt kee Begrëff fir d'Awunner vun hei ze bezechnen. Si waren dem Herzog vu Lëtzebuerg ënnerworfen, ob deen elo gläichzäiteg Kinnek vu Spuenien, Erzherzog vun Éisträich oder Keiser war. Laang Zäit sinn z.B. d'Studenten aus deem Raum, deen haut Lëtzebuerg heescht, op den Universitëiten als *Trevirenses* ageschriwwen ginn, well se aus der Diözis Tréier koumen. Wann een als *Luxemburgensis* genannt gouf, da well en aus der Stad Lëtzebuerg koum.

Déi zum Deel bewosst, zum Deel spontan Konstruktioon vun enger Lëtzebuenger Natioun wor och net linear, do gouf et Spréng a Brech, Krisen an Zweiwelen. 1848 huet z. B. d'Regierung proclaméiert: « Die innige Vereinigung mit Deutschland ist unser Recht, unsre Pflicht, unser Heil. » an de Gouverneur Ignace de La Fontaine sot: « Wir können unsere Natur nicht verleugnen, wir sind Deutsche. » - gemengt woch net Däitschland, mä en däitscht Räich als *Staatenbund*. An am Wort huet et geheescht: « Das Luxemburger Volk ist ein deutsches Volk, es redet die deutsche Sprache. » A nawell huet d'Constituante zwee Méint méi spéit décidéiert, di dräi Delegéiert an der *Nationalversammlung* zu Frankfurt däerfte kenger Resolutioun zoustëmmen, déi d'Existenz vun engem onofhängege Staat géif a Fro stellen. An der liberaler Verfassung, déi deemools gestëmmt gouf, gouf d'Naturalisatioun, déi bis dohi vum Staatschef akkordéiert gouf, eng Prärogativ vum legislative Pouvoir: e schéint Beispill, wéi den Denis Scuto schreift, dass d'Deputéiert d'Nationalitéit als Quell vu Rechter a Fräiheete verstan hunn, Beweis awer och, dass si Lëtzebuerg als Nationalstaat gesinn hunn.

Dee nächste Moment vun Zweiwelen koum 1867 wéi de Napoléon III. Lëtzebuerg dem hollännesche Kinnek fir 5 Milliounen Goldfrang wollt ofkafen. D'Bourgeoisie aus der Stad huet doropshinn dem Wëllem III. en Telegramm geschéckt fir ze soen: « Nous ne pouvons guère avoir confiance dans le maintien de notre existence nationale. Si, comme nous, Votre Majesté craint que notre indépendance, quelque chère qu'elle nous soit, ne puisse être garantie, vous pouvez, Sire, sans faillir à Votre mission paternelle et sans compromettre l'intérêt des Luxembourgeois, accéder au désir de la France. » « Mir wëlle bleiwe wat mer sinn »: 1867 wore se wäit dervun eweg. Eleng dem Bismarck säi Veto huet d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg gerett. Awer dräi Joer drop huet deeselwechte Bismarck mat Annexioun gedréit, well vu Lëtzebuerg aus di franséisch Stad Diddenuewen mam Zuch verproviantéiert gouf, an dat nomdeems de Londoner Kongress 1867 d'Onofhängegkeet openeits festgehalten an eng éiweg Neutralitéit fir Lëtzebuerg virgeschriwwen hat. 1870 wor di lëtzebuergesch Reaktioun op dem Bismarck seng Menacen eng ganz aner: Op Petitiounen fir d'Onofhängegkeet goufe méi Ënnerschrëfte gesammelt wéi et Wieler gouf an de *Feierwon* gouf ëmgedicht: « Mir wëlle jo keng Preise sinn ». Ass dat de Beweis, dass de Wonsch no Onofhängegkeet an de Käpp ukomm war? De Robert Krieps huet mir scho viru 25 Joer gesot, déi Fro misst emol méi genee studéiert gin.

Op alle Fall wor et net fir d'lescht, dass d'Land riskéiert huet annexéiert ze ginn. Viru genee 100 Joer gouf et d'*Kriegszieldenkschrift* vum Reichskanzler von Bethmann-Hollweg, déi aus Lëtzebuerg en däitsche Bundesstaat wollt man. 1918-19 woren et di belsch an di franséisch Noperen, déi nawell gär d'Land an d'Täsch gestach hätten an och am Land op gewësse Sympathie gestouss sinn, besonnesch a liberalen a sozialistesche Kreesser.

Wann am 19. Jorhonnert all Kéiers di europäesch Regierungen derfir gesuert hunn, dass Lëtzebuerg en eegene Staat bliwwen ass, da wor et 1919 d'Vollék selwer, dat an engem Referendum fir di eege Monarchie gestëmmt huet an domat di belsch Hoffnungen op eng Récupéiratioun vun dene Stécker, déi se 1839 verluer haten, zerstéiert huet. Et schéngt mer net falsch, fir am allgemenge Walrecht d'Uersaach ze gesinn fir déi massiv Ënnerstëtzung fir d'Grande-Duchesse Charlotte an domat fir di national Onofhängegkeet. Misste mer deen

demokratesch Fortschrëtt net méi staark feieren wéi en etlech international Verträge? An den 30er Jore koum nach d'Unerkennung vun den Aarbechter hire Rechter derbäi, vun hirem Recht sech vis-à-vis vun de Patronen a Gewerkschaften z'organiséieren. Mat deenen demokratesche Fortschrëtt hunn och di populär Schichten un e Staat gegleeft, dee bis dohinn den Aarbechter hir Interessé wéineg bis guer net verdeedegt hat.

Sinn also d'allgemengt Walrecht an di sozialpolitesch Rechter de Schlëssel fir d'Iwwerliewen an d'Onofhängegkeet vum Land z'erklären? Déi Rechter werfen haut aner Froen op: Mir sinn haut an engem Moment vun der Geschicht ukomm, wou de Begrëff vun enger nationaler Ekonomie kee Sënn méi mecht, wou den Aarbechtsmaart um Niveau vun der Groussregioun muss organiséiert ginn, wou op engem Territoire vun 2586 km² nëmme 55% vun den Awunner e Lëtzebuurger Pass hunn. Misst een da net eweg komme vun engem Konzept vu Nationalstaat, dat elo 175 Joer al ass? An der Charta vu Wëllem II. grad wéi an der Verfassung vun 1848 wor d'Walrecht fir eng kleng Minoritéit reservéiert. Et huet ee missen e Mann sinn, op d'mannst 10 Gulden direkt Steiere bezuelen, 25 Joer al sinn an d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn. 1919 sinn d'Geschlecht an d'Steieren als Konditioun eweggefall; Fraen an Aarbechter hunn och d'äerfe wile goen. Och den Alter ass progressiv erofgesat ginn a gëtt et vläicht nach. Da stellt sech d'Fro, ob net och d'Konditioun vun der Nationalitéit duerch déi vun enger Staatsbürgerschaft, déi just un d'Residenz gebonnen ass, misst ersat ginn. Iwwer 550 000 Leit aus de verschiddensten Deeler vun der Welt wunnen haut op engem Gebitt, deem seng Grenze virun 175 Joer fixéiert goufen. Si droen all zu onsem Wuelstand bäi, deelen d'Virdeeler an d'Risiko vun deem Land an hunn di selwecht Aufgaben. Sinn si net all zesammen di nei Lëtzebuurger Gesellschaft, di heiteg Natioun?

Friem Staatsmänner hunn 1839 d'Grenze festgeluegt ouni Rücksicht op d'Wësch vun den Awunner. Lëtzebuerg ass nach ëmmer en onofhängegt Land, mä en anert wéi 1839 a wéi 1989. Ween e Lëtzebuurger Pass huet, schwetzt net onbedéngt lëtzebuergesch. Identitéit bedeit net, dass eppes sech net kënn veränneren. Jideeree vun ons huet nach ëmmer de Numm, deen e bei der Gebuert kritt huet, huet vläicht och nach dee selwechte Charakter wéi als Kand, erënnert sech un seng méi oder wéineger glécklech Vergaangenheet, mä jiddereen ass gewuess, huet säi Look verännert, seng Iwwerzeegungen, säin Engagement, vläicht sugger säi Geschlecht. Dat ass bei enger Gemeinschaft vu Bierger net anescht. D'Nationalitéit ass net eng zweet Zort Blut an onsen Oderen. De Gilbert Trausch huet proposéiert, mer misste eng Zort « Verfassungspatriotismus » entwéckelen: onst Recht politesch matzeschwetzen, misst – fir den Ernest Renan ze zitieren – vum « désir clairement exprimé de continuer la vie ensemble dans le cadre d'un même État » ofhänken. An dofir brauch ee kee Gebuertsschäin a kee Pass.

Ech hat éinescht eng Rei Verwaltungen opgeléicht, déi no a no dee Staat mat Liewen erfëllt hunn. Si si net all schon 1840 entstan. Um Wee vun der Onofhängegkeet géif ech gär zum Schluss di lescht Institutioun ernimmen, déi geschafe gouf: 2003 huet Lëtzebuerg sech eng Universitéit ginn, vun där schon am 19. Jorhonnert geschwaacht gouf. Bal all déi Nimm déi ech haut zitieren hunn, sinn déi vu Kollegen déi op där Uni schaffen a fuerschen. Si hëlleft der Lëtzebuurger Gesellschaft sech besser ze verstoen, mä dréit och op hir Manéier zur Onofhängegkeet vum Land bäi. Di Jonk, d'Wëssenschaftler, di Intellektuell mussen net méi an d'Ausland goen fir ze studieren oder hire Beruf auszeüben. Mä dat Wëssen, dat op der Uni

créiert gëtt, ass universal. D'Kontakter mam Ausland, mat de Noperen, mat Europa, mat der globaler Welt, inklusiv mat den äermste Länner, sinn indispensable, well si man d'Land méi räich.

Altesses Royales,
Dir Dammen an Hären,

Den akademeschen Historiker ass een Intellektuellen ënnert aneren. Ech verstinn d'Geschicht als kritesch Sozialwëssenschaft, déi zum weider Nodenken ureegen soll. Meng Missioun wor et net, Weihrauch ze streën fir den ‚discours dominant‘ ze bestätegen. Nëmme wee lucid iwwert d'Vergaangenheet nodenkt, ass capabel d'Zukunft ze gestalten.

Ech hoffen, dass ech um Beipsill vu Lëtzebuerg konnt verständlech man, dass eng teleologesch Vue vun der Geschicht näischt bréngt. Les jeux n'étaient jamais faits d'avance. Muench aktuell Erausfuederung mecht ville Matbierger Angscht. An der Vergaangenheet hate mer méi wéi eng Kris z'iwberwannen a mer hunn domatt di national Solidaritéit an onse fräie Geescht gestärkt. Mer mussen haut sécher aner Léisungen fir di nei Erausfuederungen fannen. Mer däerfen dofir net fäerte fir traditionell Konzepter wéi di national Onofhängegkeet a Fro ze stellen, well si war an ass ëmmer nëmme relativ. D'Geschicht déi ech e Liewe laang mat Freed enseignéiert hunn, ass vu Mënsche gemaach. D'Geschicht kann also och ëmmer vu Mënsche verännert ginn. An deem Sënn verweist d'Geschicht ons ëmmer neess op d'Responsabilitéit vun ons all fir d'Zukunft ze bauen. Dat ass fir mech di grouss mënschlech Lektiooun déi d'Geschichtswëssenschaft ons matgëtt.